



**Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 5329 vum 12. November 2021 vum honorabelen Députéierten Marc GEORGEN**

**Ad 1.) :**

D'Optioun vun der Fourrière "Am Plon" zu Rolleng konnt leider net als Léisung zeréckbehalen ginn.

Mat enger Dose Parkplazen ass de Site net grouss genuch fir eng Fourrière Région Sud-Ouest ze implantéieren. Et handelt sech ausserdem ëm onbefestegte Buedem an de Site ass net ofgesécher. Ouni gréisser Aarbechte wier et hei also net méiglech eng iwverwaachte Fourrière ze realiséieren déi den néidege Sécherheetsbestëmmunge entsprécht.

Lëtzebuerg, den 30. Dezember 2021.

De Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX